N°4327
Entrée le 26.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An engem Interview am Mee 2025 huet d'Madamm Ministesch erklärt, datt dat aktuellt Déiereschutzgesetz a verschiddene Beräicher net effikass genuch wier a misst ugepasst ginn. Bei där Geleeënheet hat si ugekënnegt, datt e Projet de loi fir eng Reform vum Déiereschutzgesetz nach virum Summer 2025 deposéiert géif ginn. Bis haut ass awer nach kee Gesetzesprojet an deem Sënn deponéiert ginn.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéini gedenkt d'Regierung de Projet de loi fir d'Adaptatioun vum Déiereschutzgesetz ze deponéieren? Wéi eng Haaptännerunge si virgesinn, fir d'Duerchsetzbarkeet vum Déiereschutzgesetz ze verbesseren?
- Sinn am Kader vun der Reform nei administrativ Sanktiounen oder beschleunegt Prozedure virgesinn, fir datt déi zoustänneg Autoritéite méi séier a méi effikass bei Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz kënne virgoen?

Mat déiwem Respekt,

Claire Delcourt

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4327 vum 25. Juni 2026 vun der éierewäerten Deputéiert Claire Delcourt**

- **Wéini gedenkt d'Regierung de Projet de loi fir d'Adaptatioun vum Déiereschutz-gesetz ze deponéieren?**

De Ministère ass amgaang déi lescht Ëmännerungen um Gesetzesprojet ze maachen, a wëll dësen virun Enn des Joers deposéieren.

- **Wéi eng Haaptännerunge si virgesinn, fir d'Duerchsetzbarkeet vum Déiereschutz-gesetz ze verbesseren?**

D'Haaptännerungen kënnen an zwee Haaptthemen opgedeelt ginn.

1) D'Gesetz vun 2018 gëtt aktuell net déi néideg Grondlagen fir d'EU Reglementation am Domän vum Déierewuel ëmzesetzen (souwuel Direktiven wéi Reglementer) an ze sanktionéieren.

Adaptatiounen sollen dat elo erméiglechen.

2) D'Ännerungen brengen och Upassungen vun den besteeënden Bestëmmungen opgrond vun der praktescher Erfarung um Terrain, säit der Akraafttriedung vum DSG 2018.

-De generelle Verbuet vun amputéieren/kupéierten Déieren, hunn d'Asyler, déi saiséiert oder verloossen Déieren opgeholl hunn (an Leit déi mat hirem Déier duerch Lëtzebuerg transitéiert sinn) an onglécklech Situatiounen bruecht. Hei gëtt elo een kloeren Status fir déi Déieren geschaf.

Weider Mesuren déi d' Déierewuel verbessere solle sinn :

- eng kloer Prozedur fir d'Vermëttlung vun Déieren, déi verlooss goufen oder wou den Proprietaire sech net méi mellt. Dat gëtt den Asyler an den neien Proprietairen méi Previsibilitéit;

- méi adaptéiert Sanktiounen am Fall vu Verstéiss am Transport vun Déieren;

- eng acceleréiert a méi onofhängeg Prozedur fir d'Auswäertung vun Experimenter mat Déieren;

- eng iwwerschafften an prezis Prozedur fir Urgencemesuren. Allgemeng ginn déi administrativ Pouvoiren erweidert;

- am penalen Beräich ginn Sanktioune och ganz iwwerschafft, d'Kommunikatioun an d'Koordinatioun mat der Justiz gëtt gestäerkt, ee Beispill ass d'Matdeelen seitens der Justiz vun den Strofen déi gesprach goufen fir ze verhënneren, dass Persounen, déi zu engem Halteverbuet fir Déieren verurteelt goufen och keng nei Aktivitéiten mat Déieren uginn.

- **Sinn am Kader vun der Reform nei administrativ Sanktiounen oder beschleunegt Prozedure virgesinn, fir datt déi zoustänneg Autoritéite méi séier a méi effikass bei Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz kënne virgoen?**

D'Reform gesäit nei administrativ Sanktiounen vir, fir d'Verstéiss vun administrativen Oplagen (wann een z.B. Oplagen fir eng Autorisatioun oder eng Notifikatioun net respektéiert).

Schwéier Verstéiss géint Déieren bleiwen am penalen Beräich.

Prozeduren ginn och vereinfacht. Ee Beispill ass d'Validatioun vun der Saisie vun den Déieren innerhalb vun 8 Jours ouvrables. Dëst ass eng zousätzlech Hürd fir de Parquet, déi net am Droit commun virgesinn ass. Et gëtt dofir proposéiert déi ze sträichen.

Lëtzebuerg, den 17. Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau